**Réponse du ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire à la question parlementaire n° 7244 de Monsieur le Député Sven Clement**

**Ad. 1**

Am Kader vum CAE an dem CIE präziséiert de Code du travail a sengen Artikelen L. 543-6 an L. 543-21 « que les dispositions du titre II du livre premier ne sont pas applicables au contrat d'appui-emploi / contrat d'initiation à l'emploi ».
Den 'titre II' vum 'livre premier' betrëfft den Aarbechtskontrakt, dat heescht dass all déi Dispositiounen déi dodrënner falen, net beim CAE a CIE spillen.
Dat ass net präziséiert bei der OTI, dem CRE an dem SP.
Et ass awer generell esou, dass all déi genannte Mesuren net op engem Aarbechtskontrakt baséieren, mee Kontrakter 'sui generis' sinn. Dat ass och esou vun de verschiddene Geriichtsinstanzen e puermol festgehal ginn.
Et si just déi sougenannte Mesures spéciales (MS) déi op engem richtegen Aarbechtskontrakt baséieren (CDD), quitte dass d'Bénéficiairen dovunner och weider bei der ADEM ageschriwwe bleiwen.
Konkret heescht dat, dass usech all déi Dispositiounen am Code du travail déi sech u Salariéë wenden, net fir d'Bénéficiairen vun deene verschiddene Mesuren spillen, wat awer net bedeit dass dat och ëmmer esou an der Praxis gemaach gëtt.
Verschidden Dispositiounen betreffend déi opgeläschte Mesuren ginn an den Texter iwwert eben déi Mesuren präziséiert, wéi zum Beispill de Licenciement beim CAE a CIE.

**Ad. 2**

Hei geet d'Äntwert usech aus der Äntwert op d'Fro 1 ervir (an och aus der Äntwert op d'parlamentaresch Fro mat der Nummer 7226) – déi Leit déi an enger Aarbechtsmesure (mat Ausnam vun den MS) sinn, kënnen am Prinzip net vun de Congés extraordinaires profitéieren.
Och hei gëtt just beim CAE an dem CIE präziséiert, dass « les jeunes demandeurs d'emploi bénéficiant d'un contrat d'appui-emploi / contrat d'initiation-emploi ont droit au congé applicable dans l'entreprise où ils travaillent, en vertu de la loi, de dispositions réglementaires, conventionnelles ou statutaires, le cas échéant proportionnellement à la durée de leur contrat ». Domat ass den normale Congé de récréation viséiert.

**Ad. 3**

Am aktuelle Koalitiounsaccord sinn zu dësem Sujet keng Ännerunge virgesinn. Den Aarbechtsminister ass selbstverständlech disponibel fir Gespréicher mat de Sozialpartner ze féiere wann hei Reformbedarf besteet.
Prinzipiell stellt d'ADEM ëmmer de Bénéficiaire vun der Aarbechtsmesure an de Mëttelpunkt an hëlt eng verständnesvoll a mënschlech Approche am Kontakt mam Bierger un.

Luxembourg, le 19 décembre 2022

**(s.) Georges ENGEL**
**Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire**